**Association des Enrôlés de Force** | **Victimes du Nazisme**
**A. S. B. L.**

**DUDELANGE**

I N V I T A T I O U N

un d'Elteren,Komeredinnen,Komereden an hir Dammen fir

D' G e n e r a l v e r s a m m l u n g

e Samschdeg,den 9 März 1985 ëm 20,oo Auer am Foyer vun der Griet 1 Stack.

Virun der Generalversammlung ëm 19,oo Auer een Iessen.
De Menu:Ham,Fritten an Zalot,e gutt Stéck Taart an eng Tas Kaffi fir 360 Fr

Hei eise Programm:

1-Begréissung an Usproch duerch de President..............Jos WEIRICH
2-Aktivitéitsrapport vum Sekretär........................Jos BENOIT
3-Keesseberischt vum Caissier.............................Ars.DIEDERICH
4-Keessereviseren...Mme Lily WEIRICH,Julien CONER an Jemp MOLITOR maachen hire Rappert.
5-Art.23 vun de Statutten.D'Generalversammlung bestëmmt all Joer dräi Keessekontrolleren.
6-De Programm fir 1985
7-Fräi Aussproch

Eis Komeredschaft an Enegkeet wor a bleiwt eis Devise.
Fir de Comité

De Sekretär:Jos BENOIT — De President:Jos WEIRICH

Den um Iessen virun der Generalversammlung,eléng oder zu méi délhuelen wëllt,soll w.e.gl.bis spéidestens de 4 März 1985 iwert Banque Générale No-31-086155-80 Amicale des Enrôlés de Force Dudelange,séng 360 Frang iwerweisen.Oder den Talléck ofschneiden,an bei folgende Leit bezuelen.
Jos WEIRICH,28,rue de la Poste---Jos BENOIT,47,rue Nic Biever
Ars.DIEDERICH,93,rue Nic Biever--Cafe an der Griet,beim Michel

---

Q U I T T U N G

Numm:......................................

Adresse:...................................

Ech bezuelen.......Iessen fir den 9 März =............Frang

Akitéiert

Association des Enrôlés de Force
Victimes du Nazisme
Dudelange

Datumer déi e sech 1 9 8 5 mierken soll.

Oktavmass den 2 Mee--Grouss Expositioun vun den Zwangsrekru-
téierten 28.4. - 5.5.1985--Nationalkongress 5.5.85
Promenade-Surprise vun den EdF zu Zolver 16.6.1985.
Nationalfeierdag 23.6.85--De Biirgerdag ons Commémoratiounsfeier
zu Lëtzebuerg---Donneschdes, den 26 Dezember Erënnerungsfeier
zu Diddeléng, fir déi gefâlen a vill ze fréi verstuerwen
Kommeradinnen a Kameraden.

---

# Invitatioun

## fir eis historesch a patriotesch Expositioun an der Gemeng Diddeléng 28.4.85 - 5.5.85

## Een Teller fir all Zwangsrekrutéierten a Frenn

Aus Ulooss vun hirem 40sten Anniversaire gët d'Amicale des Enrôlés de Force, Sektioun Diddeléng, een Teller eraus. Durchmesser 27 cm.
Zeechnung: Ars. DIEDERICH, Diddelénger "Monument aux Morts".
Den Teller gët den 9 März an der Generalversammlung présentéiert.
Nëmmen eng Serie ass bestallt, ass déi Serie vergin, gin aus wërtlechen Grënn vun desem Teller kéng weider Bestellungen virgeholl.
Den Teller gëtt zum Jubiläumspräis fir nëmmen 350 Frang verkaaft

==================================

An onsen A'en de'sen Teller ee Symbol soll sinn
fir ons Doudeg déi mir nie erëm gesinn.